

## Presentatioun vum Auto-Festival 2015

19.1.2015

Ried vum François Bausch, Minister fir nohalteg Entwécklung an Infrastruktur

### **“D’Sécherheet op eise Stroossen ass fir mech eng absolut Prioritéit”**

Dir Häre Presidenten, Vizepresidenten, léif Membere vun Adal a Fegarlux, léif Éieregäscht an Invitéen, léif Verrieder vun der Press, dir Dammen an dir Hären,

Virun engem Joer stoung ech fir d’éischt a menger Fonctioun als Transportminister virun iech. Dir hutt lech deemools bestëmmt gefrot, a wéi eng Richtung et hei am Land mat engem gréngen Transportminister géif goen, an ech hunn lech deemools mat vill Freed éischt Pisten opgezeechent, déi, wéi ech mengen, net esou schlecht ausgesinn hunn wéi Dir gefaart hat... Zanterhier ass vill geschitt; et si vill Dossieren ass Bewegung komm, si sinn entretemps um Instanzewee an wäerte geschwënn ëmgesat ginn.

Zum Beispill **d’Reform vum Contrôle technique**, déi Dir, Här Pirsch, virdrun och ugeschwat hutt. Mir waarden den Ament nach op den Avis vum Staatsrot, mee ech sinn zouversichtlech, datt mer den Text nach am Fréijoer kënne stëmmen, sou datt e spéitstens bis de Summer a Kraaft kann trieden. Dat bedeit eng wesentlech Vereinfachung fir är Clienten, well dann beispillsweis d’Umellung vun engem Neiwon komplett ewechfällt an d’Kontroll vun engem Occasionsauto eréischt no 4 am plaz 3,5 Joer an dann nëmmen all 2 am plaz vun all Joer usteet. Dat bedeit alleng bei de Neiween eng Reduktioun vu 50 000 Autoen am Joer op de Kontrollpisten, wat d’Fluxen an d’Waardezäiten

bedeitend wäert reduzéieren, nieft all den aneren Efforten, déi d'SNCT am de leschten 12 Méint gemaach huet an déi haut schonn hir Friichten droen.

Dat nämmlecht gëllt fir **d'Radaren**: och do ass de fäerdege Projet um Instanzewee a mir brauche just nach den Avis vum Staatsrot. Mir wëssen elo, wéivill Radaren et solle ginn a wou se mussen hikommen. Si sinn e wichtegt Standbeen an eisem Kampf géint d'Onsécherheet op der Strooss, eng vu menge grouse Prioritéiten. 2014 war erëm e Joer mat ze villen déidlechen Accidenter; si sinn zwar zréckgaang par rapport zu Joer virdrun, mee mir sinn nach ëmmer ganz wäit vun der "Vision Zero", also null Doudeger an null Schwéierblesséierter, ewech.

Ech hunn dofir ugangs 2014 **eng table ronde sécurité routière** an d'Liewe geruff, bestehend aus allen Acteuren, déi de près ou de loin mam Sujet ze dinn hunn, wéi der AVR, der ACA, dem CFC, der Police, der Sécurité Routière, der SNCA, dem Statec, dem Syvicol, dem Parquet, de concernéierte Ministèren an natierlech och lech, léif Vertrieder vun Adal a Fegarlux. An enger Rei Aarbechtssätzungen hu mir zesummen e **nationale Plang fir Verkéierssécherheet** ausgeschafft, an ech wëll de Moien dovu profitéieren, alle Bedeelegten dofir villmools Merci ze soen. De Plan d'action sécurité routière soll an de nächste Woche vum Regierungsrot approuvéiert an duerno an engem débat public an der Chamber diskutéiert ginn. All Regierungsmember soll ausserdem eng Nei-Oplag vun der "Charte nationale de la sécurité routière" ënnerschreiwen, an där en sech engagéiert, a *sengem* Domaine all néideg juristesch a finanziell Kaderen ze setzen fir der Onsécherheet op der Strooss entgéint ze wierken.

Eng weider Measure am nationale Plang fir Verkéierssécherheet ass **d'Ännerung vum Punkteführerschäin**. Eng Rei Sanctiounen gi jo verschäerft, wéi zum Beispill d'Fueren ënner Alkoholafloss, Excès de vitesse, d'Net-Uleeë vum Sécherheetsguert, an d'Telefonéieren am Auto ouni Fräispriechanlag, respektiv Oreillette. Och dës Gesetzesännerung ass den Ament um Instanzewee. Mir waren déi läscht Woch mat e puer Amendementer, déi ech proposéiert hunn, an der Chamberkommissioun, sou soll zum Beispill d'Benotze vum Handy ouni Kit mains libres respektiv Oreillette an Zukunft nieft enger Geldstrof vun 145 Euro och mat 2 Punkte bestrooft ginn. Ech hoffen, datt de neien Text ëm Ouschtere ka votéiert ginn fir datt en den 1. Juni kann a Kraaft trieden. En aneren Text, mat deem ech de Regierungsrot geschwënn wäert befaassen, concernéiert **d'Simplification administrative bei der Conduite accompagnée**. Do waren d'Démarchen bis elo dach relativ schwéierfällleg, souwuel wat d'Formalitéite bei der Umellung wéi och d'Zouloossung zum Examen ubelaangt. Et gétt also Zäit, datt mer do de Leit e Stéck entgéintkommen.

Wat déi Leit ubetrëfft, déi schonn e bësse **méi laang de Führerschäin hunn**: och fir si ass eng Reform virgesinn. Ons aktuell Gesetzgebung entsprécht net méi dem Fait, datt eis Liewenserwaardung klëmmt a mir haut méi laang jonk bleiwen wéi nach virun e puer Jorzéngten. Deemno wëll ech **d'Echéancë vun der Erneierung vum Führerschäin bei Leit iwver 70 respektiv iwver 80 vereinfachen**, am Accord mat eise Partner am Dossier, Amiperas a Sécurité Routière. Jiddereen, deen tèscht 70 an 80 Joer al ass, soll säi Führerschäin an Zukunft net méi all 3, mee nëmme nach all 5 Joer missen erneieren, a vum Alter vun 80 Joer un soll de Permis net méi all Joer mee all 2 Joer renouvelleiert ginn.

Dir Dammen an dir Hären,

Ech hunn et vir dru scho gesot an ech soen et nach eng Kéier: **D'Sécherheet op eise Stroossen ass fir mech eng absolut Prioritéit.** An deem Sënn hat ech d'lescht Joer d'Chance bei engem groussen Autokonzern am Kader vun enger Minister-Ronn un engem Virtrag iwwer d'Strategie vun de nächsten Joren deelzehuelen. Do goufe 4 grouss Pisten opgewisen:

- 1) **De selwerfuierenden Auto mam Zil Null Accidenter.** Et ass jo erwise, datt bei de meeschten Accidenter de Mënsch an net d'Technik den Ausléiser vun engem Accident ass; d'Zil ass also, d'mënschlecht Verhalen als "Feelerquell" wäitgehend auszuschalten.
- 2) **Den 0-Emissiouns-Auto,** dee kloer ugestrieft gëtt an deen an de nächste Joren kéint an Serie-Produktioun goen. Ech schwätzen net nëmmen vum Elektro-Auto mee och vum Waasserstoff- oder Brennstoffzellenauto, deen eng méi grouss Räichwäit huet an och als méi grouse Modell ka gebaut ginn.
- 3) De **Car-sharing,** eng nei Form vun der Notzung vum Auto, déi ëmmer méi eng grouss Roll wäert spillen. Fir datt de Verkéier am urbane Raum nach fléisse kann, mussen mir eist Verhältnis zum Auto iwwerdenken a probéieren, e méi intelligent ze notzen. Och d'Zréckgräifen op Multimodalitéit, en intelligent Kombiniéiere vun allen zur Verfügung stoende Verkéiersmëttel, ewéi Zuch, Bus oder an Zukunft den Tram gehéiert dozou.
- 4) **D'Kommunikatiouns-Technologien an a ronderëm den Auto,** déi engersäits eng aner Zäitnotzung am Auto selwer an anerersäits och eng Verbesserung vum Verkéiersfloss erlaben.

All dës Previsiounen si méi wéi encourageant a wäerten et eis erlaben eis Ziler an der Stroossesécherheet an an der Mobilitéit méi séier a besser ze erreechen. Ech freeë mech schonn haut op d'Ëmsetzung a virun allem d'Resultater dervun, zesumme mat Iech.

An deem Sënn wënschen ech Iech, léif Membere vun Adal a Fegarlux, vill Erfolleg am Festival an ech garantéieren Iech weiderhin meng Ënnerstëtzung an déi vun menger Équipe am Ministère.

Merci.

ET GËLLT DAT GESCHWATENT WUERT.

**Contact :**

FRANK Dany

E-mail : [danielle.frank@tp.etat.lu](mailto:danielle.frank@tp.etat.lu)

Tél. : (+352) 247-84406

GSM: (+352) 621 17 33 19